

# SAND WEILER Aktuell

14-2024

23.10.2024

**Léif Biergerinnen a Bierger,**

Mir freeën eis, Iech matzedeelen, datt mir en agent municipal an eist Team opgeholl hunn, fir eis Servicer am Alldag ze verbesseren. Dës Initiativ huet zum Zil, eis Gemeng nach méi liewenswäert ze maachen. Den neien Agent wäert eng Schlësselroll am Kampf géint d'wëllt Parke spillen, e Problem, dat ville vun Iech bekannt ass. Fir eng nei Policeveruerdnung opzestellen, wäerte mir eng Testphas lancéieren. Är Meenungen a Feedback wäerten agebonne ginn, fir datt mir eis Mesuren un d'Besoine vun der Gemeng upasse kënnen an eng besser Integratioun an Effizienz garantéieren. Duerno wäerte mir Parkvignette fir Residenten aféieren, fir d'Notzung vun de Parkplazen ze optiméieren an ongewollt Verhalen ze reduzéieren.

Mir si fest dovun iwwerzeegt, datt dës Initiativen Ären Alldag verbessere wäerten. Bei Froen oder Virschléi kënnt Dir Iech gären un eis zoustänneg Mataarbechterin wenden (agent.municipal@sandweiler.lu).

Är Meenung ass wichteg!

**Chères citoyennes, chers citoyens,**

Nous sommes heureux de vous annoncer l'arrivée d'un nouvel agent municipal, qui renforcera notre équipe pour améliorer nos services au quotidien. Cette initiative vise à rendre notre commune plus agréable à vivre. L'agent jouera un rôle clé dans la lutte contre le stationnement sauvage, un problème rencontré par beaucoup d'entre vous. Pour établir un nouveau règlement de police, nous lancerons une période d'essai. Nous prendrons en compte vos retours pour adapter nos mesures aux besoins de la communauté, afin d'assurer une meilleure intégration et efficacité. Ensuite, nous mettrons en place des vignettes de stationnement résidentiel pour optimiser l'utilisation des places et réduire les comportements indésirables.

Nous sommes convaincus que ces initiatives amélioreront votre quotidien. N'hésitez pas à contacter notre agente pour vos questions ou suggestions (agent.municipal@sandweiler.lu).

Votre avis est essentiel !



**Léif Awunnerinnen an Awunner,**

Mir wëllen Iech drun erënneren, wéi wichteg et ass, eis kommunal Ariichtungen ze respektéieren.

Mir hunn an de leschte Wochen festgestallt, datt et dacks virkënnt, datt Sticker op dësen Ariichtungen ugepecht ginn, wat zu Schied féiere kann an d'Ästhetik vun eiser Ëmwelt beaflosse kéint.

Mir bieden Iech dofir, vum Upeche vu Sticker op Gemengeninstallatiounen ofzegesinn, fir d'Propperkeet an d'Qualitéit vun eiser Gemeinschaft ze erhalen.

Mir soen Iech villmools Merci fir Äert Versteesdemech an Är Kooperatioun.

**Chers habitants,**

Nous tenions à vous rappeler l'importance de respecter notre matériel communal.

Nous avons récemment constaté que des autocollants sont souvent apposés sur ces équipements, ce qui peut engendrer des dommages et affecter l'esthétique de notre environnement.

Nous vous prions donc de bien vouloir vous abstenir de coller des autocollants sur le matériel communal, afin de préserver la propreté et la qualité de notre communauté.

Nous vous remercions de votre compréhension et de votre coopération.



**Wanterzäit - Opgepasst: D'Auer gëtt geréckelt!**

An der Nuecht vun e Samschdeg, dem 26. Oktober op e Sonndeg de 27. Oktober ginn d'Aueren um 3 Auer zeréck op 2 Auer geréckelt. Dat bedeit datt Dir zousätzlech nach eng ganz Stonn vum Schlof profitéiere kënnt.

**Heure d'hiver - Attention : Changement d'heure !**

Le passage à l'heure d'hiver aura lieu dans la nuit du samedi 26 octobre au dimanche 27 octobre. À 3 heures du matin, il sera en réalité 2 heures, ce qui signifie que vous aurez l'occasion de profiter d'une heure supplémentaire de sommeil.

## Agenda

- **Sonndeg, de 27. Oktober:** Halloweenparty fir Kanner vu 14.00 bis 18.00 Auer, organiséiert vum US Sandweiler (Centre culturel Sandweiler)
- **Méindeg, den 28. Oktober:** Oflschlossconcert vun der Fanfare Sandweiler um 19.00 Auer (Centre culturel Sandweiler)
- **Freideg, den 1. November:** Griewerseenung um 14.00 Auer (Sandweiler Kierfecht | 34, rue Dicks)
- **Sonndeg, den 3. November:** Internationalt Fest vun der Frëndschaft ab 14.00 Auer (Centre culturel Sandweiler)
- **Sonndeg, den 10. November:** Entdeck Sandweiler - Féierung vun onser Kierch zu Sandweiler vun 10.30 bis 11.30 Auer (Treffpunkt virun der Kierch)

## Agenda

- **Dimanche, le 27 octobre :** Halloweenparty pour enfants de 14h00 à 18h00, organisée par l'US Sandweiler (Centre culturel Sandweiler)
- **Lundi, le 28 octobre :** Concert de clôture de la Fanfare Sandweiler à 19h00 (Centre culturel Sandweiler)
- **Vendredi, le 1er novembre :** Bénédiction des tombes à 14h00 (Cimetière Sandweiler | 34, rue Dicks)
- **Dimanche, le 3 novembre :** Fête Internationale de l'Amitié à partir de 14h00 (Centre culturel Sandweiler)
- **Dimanche, le 10 novembre :** A la découverte de Sandweiler - Visite guidée de notre église à Sandweiler de 10h30 à 11h30 (Rendez-vous devant l'église)